

respektiv eis de Wee ze weisen. Ech wënschen, datt d'Membere vum ORK sech hirer wichteger Aufgab bewusst ginn. Dofir ass et wichteg, d'Membere mat allergréisster Virsicht erauszesechen.

Vill Kanner vun haut liewen an engem ongesonde Familljeklima, wou den ekonomesche Wuelstand dominéiert. Eegeninteresser an Egoismus loosse oft vill ze vill Kanner mat hire Problemer eleng, mat der Konsequenz, datt d'Kanner onzefridde sinn, an net wëssen, wat se maache sollen, an eventuell Zuflucht an Drogen respektiv Alkohol fannen. Dës Kanner hunn d'Recht, datt ee sech ëm si këmmert. Ech géif och dofir jiddferee bidden, seng Responsabilitéiten ze huelen, d'Politiker, andeem si hir partipolitesch Divergenzen iwwerwannen a probéieren op deem Terrain Solutiounen ze fannen, déi am Interesse vum Kand sinn. Ech gesinn de virleiende Projet och als Impuls, fir a verschiddenen Dossieren, wéi zum Beispill an deem vun der "Jeunesse en détresse" endlech erëm weider ze schaffen.

Zum Schluss wollt ech nach bemierken, datt et wichteg ass, datt d'Kanner an d'Bild gesat ginn, dat heescht iwwert dëst Gesetz informéiert ginn. Si musse wëssen, u wie si sech wende kënnen, wa si Problemer hunn, a si solle wëssen, wat d'Missioune vum ORK sinn, wat hinnen hëlleft aus hirer Problematik erauskommen. Dofir géif ech d'Mme Familljeminister bidden, eng Informatiounscampagne an de Schoulen iwwert dës wichtigen Thema ze lancéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif lech bidden, am Numm vu menger Fraktioun, dës Gesetzesprojet ze stëmmen. Et ass e Schrëtt an d'Zukunft.

Merci!

**M. le Président.-** Als nächst Diskussiounsriednerin ass d'Mme Lydie Err agedroen. D'Wuert huet d'Mme Err.

## 7. Dépôt d'une proposition de loi

**Mme Lydie Err (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt lech fir d'éischt eng Proposition de loi déposéieren iwwert d'Introduktioun vun der Médiatioun am Kader vum Code de procédure civile:

- *Proposition de loi 4969 portant introduction de la médiation civile et commerciale dans le Nouveau Code de Procédure Civile.*

Merci!

## 8. Projet de loi 4137 portant institution d'un comité luxembourgeois des droits de l'enfant, appelé "Ombuds-Comité fir d'Rechter vum Kand" (ORK) (Suite)

### Discussion générale (Suite)

Da wëll ech zu deemem Projet 4137 kommen, a just op engem Punkt eng Widerhuelung hei maachen, déi zrëckgeet op d'Kannerrechtskonventioun vum 20. No-

vember 1989, déi zu Lëtzebuerg bei eis an der Chamber 1993 gestëmmt ginn ass. Am Kader vun där Ofstëmmung ass op Initiativ vum Gilbert Pregno eng Motioun hei vu mir initiéiert ginn, an unanime gedroe ginn, déi d'Institutioun vun engem Ombudsmann, enger Ombudspersoun gefrot huet. Vis-à-vis vun dëser Motioun huet Regierung ee grouse Mérite an a mengen Aen e puer grouss Feeler.

De Mérite besteet doranner, dass iwwerhaapt emol eng Kéier eng Motioun, déi an der Chamber ofgestëmmt ginn ass, an zwar unanime, während néng Joer Objet vun Debatten innerhalb vun der Regierung a vu verschiddenen Instanze war, déi deen Text vun der Regierung oder déi Texter vun der Regierung aviséiert hunn. Dat u sech ass e Mérite, dee seele genuch ass, fir dass et der wäert ass, dat ze ënnersträichen.

Schlecht ass awer dat Resultat, wat erauskommt ass an haut virläit. Trotz deenen néngjährege Beméiungen an trotz 20 Documents parlementaires, wat awer trotz allem relativ exceptionnel ass. Et ass nämlech esou, dass den Titel vun deemem Projet de loi net dem Inhalt entsprécht. Ech wäert probéieren - an et deet mer Leed, dass ech e bëssen technesch muss ginn - dat ze beweisen. Den Intitulé vum Projet stëmmt net iwwerene mam Text selwer, deen am Projet steet, soudass ech leider fir mäin Deel an och meng Fraktioun zur Konklusioun kommen, dass, esou wéi deen Text hei intituléiert ass, et sech ëm Etiketteschwindel handelt. Well: Eng Ombudspersoun ass e Médiateur. Wa mer da kucken, wat d'Regierung de leschten Hierscht proposéiert huet am Kader vum Projet de loi iwwert d'Introduktioun vun engem Médiateur zu Lëtzebuerg, a wa mer kucken, wat haut an deem Text hei steet iwwert de Kannermediateur, dat heescht de Médiateur, dee sech ëm déi schwächste Glidder an der Gesellschaft këmmere soll, dee misst eigentlech besser ausstafféiert sinn um Niveau vu senger Indépendance, vu senger Kompetenzen an Attributiounen wéi déi generell Ombudspersoun fir d'Erwuessener. Mer mussen awer feststellen, dass dat leider net de Fall ass. Ech wäert probéieren, lech dat Punkt fir Punkt ze beweisen.

Et ass sécherlech dofir och keen Hasard, dass spontan Avisen an deemem Dossier foisonnéieren. Et ass rar, datt zum Beispill d'Asbl Protection des droits de l'enfant en Avis gemaach huet, dass e spontanen Avis gemaach ginn ass vun der Commission consultative des droits de l'homme, an dass néng Associatiounen deeselwechten Avis ënnerschriwwen hunn, dass de Statsrot en Avis gemaach huet, mat Désaccorden op verschiddenen, a mengen Ae wichtige Punkten, mat dem Projet, wéi en elo amendéiert ginn ass.

Et kann een also soen, dass hei contre vents et marées eppes duerchgequetscht soll ginn, wat vun der Essenz vum Ombudsmédiateur eigentlech nëmmen nach den Numm huet. Et dierf ee sech net ieren an et muss ee wëssen, dass eng Ombudspersoun e Médiateur ass, deen am öffentleche Beräich agéiert, an deen also deene generelle Kritäre vun engem Ombudsmann entspreche